

## Evangelium vum 13. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

### Mk 5,21-24.35b-43 (Kuerzfaassung)

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- 21 Nodeems de Jesus nees mam Naachen  
op déi aner Säit vum Séi vu Galiläa gefuer war,  
hunn sech ganz vill Leit ëm hie versammelt  
– hie stoung nach beim Séi.
- 22 Du koum ee vun de Verantwortleche vun der Synagog,  
dee Jaïrus geheescht huet.  
Wéi hien de Jesus gesinn huet,  
huet hien sech virun him op de Buedem gehäit
- 23 an sech drugehal mat Biedelen:  
"Meng kleng Duechter läit um Stierwen –  
komm dach a lee hir d'Hänn op,  
fir datt si gerett gëtt an um Liewe bleift!"
- 24 Dunn ass de Jesus mat him gang.  
Ganz vill Leit sinn him nogaang an hunn sech ëm hie gedréckt.
- 35b Ënnerwee sinn dem Jaïrus senger Leit komm  
a soten: "Deng Duechter ass dout –  
wuerfir soll een de Meeschter elo nach ploen?"
- 36 De Jesus awer, dee matkrut, wat si soten,  
sot zu deem Verantwortleche vun der Synagog: "Fäert net,  
gleef nëmme!"
- 37 An hien huet kee matgoe gelooss wéi just de Péitrus,  
de Jakobus an de Johannes, dem Jakobus säi Brudder.
- 38 Wéi si bei deem Verantwortleche vun der Synagog säin Haus koumen,  
huet de Jesus d'Oprou gesinn  
an d'Fraen, déi gekrasch an haart gejëimert hunn.
- 39 Hien ass an d'Haus eragaang  
a sot zu de Leit: "Firwat sidd dir an enger Oprou,  
a firwat kräischt dir?"

D'Kand ass net dout,  
et schléift nëmmen."

40 Dunn hunn si hien ausgelaacht.

De Jesus awer huet si all erausgehäit,  
huet dem Kand säi Papp an seng Mamm  
an déi dräi Jünger, déi hie bei sech hat, matgeholl  
an ass duer eragaang,  
wou d'Kand louch.

41 Iwwerdeems hien dem Kand seng Hand geholl huet,  
sot hien zu him: "Talitha qum",  
dat heescht iwwersat: "Meedchen, ech soen dir: Géff waakreg!"

42 An direkt ass d'Meedchen opgestan  
an ass doruechter gaang;  
hatt hat zwielef Joer.

Déi, déi derbäi waren, ware komplett ausser sech.

43 Dunn huet de Jesus hinnen ausdrécklech un d'Häerz geluecht,  
et däärfst keen eppes dovun gewuer ginn,  
an hie sot, si sollten dem Meedchen eppes z'iesse ginn.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*